

## Sommaire

#### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

#### 2. Dépôt d’une proposition de loi par M. Laurent Mosar

- Exposé : M. Laurent Mosar (interventions de M. Pim Knaff et Mme Octavie Modert)

#### 3. 7833 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l’aide financière de l’État pour études supérieures

- Rapport de la Commission de l’Éducation nationale, de l’Enfance, de la Jeunesse, de l’Enseignement supérieur et de la Recherche : M. André Bauler
- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

#### 4. 7658 - Projet de loi portant modification

**1° de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d’un Service de Coordination de la Recherche et de l’Innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d’un Centre de Gestion Informatique de l’Éducation ; c) l’institution d’un Conseil scientifique ;**

**2° de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l’enseignement fondamental ;**

**3° de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l’enseignement fondamental ;**

**4° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d’un Institut de formation de l’Éducation nationale**

- Rapport de la Commission de l’Éducation nationale, de l’Enfance, de la Jeunesse, de l’Enseignement supérieur et de la Recherche :

M. Claude Lamberty

- Discussion générale : Mme Martine Hansen - Mme Francine Closener - Mme Djuna Bernard - M. Fred Keup - Mme Myriam Cecchetti - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse - M. Michel Wolter (parole après ministre) - M. le Ministre Claude Meisch

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

#### 5. Discours de M. le Président

- M. Fernand Etgen, Président

**Au banc du Gouvernement se trouve : M. Claude Meisch, Ministre.**

*(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)*

#### 1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d’Sitzung op.

Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique.**- Nee, Här President.

#### 2. Dépôt d’une proposition de loi par M. Laurent Mosar

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Da géif ech fir d’éischt dem Här Laurent Mosar d’Wuert gi fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Mosar, Dir hutt d’Wuert.

*Exposé*

■ **M. Laurent Mosar (CSV), auteur.**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci fir d’Wuert. Ech wollt de Mëtten am Numm vum Kolleeg Gilles Roth an a mengem eegenen Numm eng Proposition de loi deponéieren. Ech wollt dat maachen, well et déi lescht Sitzung virun der Vakanz ass.

A sech geet et hei ëm eng Situatioun, vun där Der sécherlech héieren hutt, nämlech si mer gewuer ginn, datt virun enger Rei Deeg ee vun deenen zwee mannerjäregen Täter aus där Messerpickerei zu Bouneweg fräigelooss ginn ass, well e groussjäreg ginn ass.

Mir haten doropshin och eng ganz interessant Entrevue mat der Justizministesch an der zoustänneger Justizkommissioun. A mir waren eis, mengen ech, duerch all d’Reien hei am Parlament eens, datt dëst eng komplett onzefriddestellend an inakzeptabel Situatioun wier an datt mer missten esou schnell wéi méiglech kucken, déi Situatioun esou ze revidéieren, datt an Zukunft mannerjäreg Täter oder potenziell Täter, déi groussjäreg ginn, och weider kënnen an der Unisec zu Dräibuer festgehalé ginn.

Et ass awer esou, datt et, wéi gesot, do eng Lacune am Gesetz gëtt, a mir haten a sech och do d’Justizministesch opgefuerdert, esou schnell wéi méiglech e Projet de loi op den Instanzewee ze bréngen. D’Justizministesch wollt dat awer net, well se gesot huet, si géif dat léiwer am Kader vun enger genereller neier Jugendschutz- respektiv Jugendstrofrechtsgesetzgebung maachen. Dat ass awer fir eis keng akzeptabel Léisung, well mir der Meinung sinn, datt et hei eng absolutt Urgence gëtt fir ze legiferéieren, well et ka jo net sinn, datt mannerjäreg Täter, eleng duerch de Fait, datt se groussjäreg gi sinn, einfach fräigelooss ginn!

An duerfir proposéieren den Här Roth an ech an där Proposition de loi, datt mer a sech den Artikel 33 Alinea 3 emänneren an do d’Méiglechkeet virgesinn, datt och e Mineur, dee Major gëtt an deen zu Dräibuer ass, duerch eng Decisioun vum Jugendrichter weider kann an der Unisec zu Dräibuer festgehalé ginn.

*7860 - Proposition de loi portant modification de l’article 33 de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse*

Ech mengen, de Staat a mir alleguerten, d’Politik huet hei eng Responsabilitéit vis-à-vis vun der Gesellschaft, vun der ganzer Gesellschaft, vis-à-vis vun den Affer vun deenen Täter, mee och vis-à-vis vum Täter selwer. An duerfir deposéiere mir déi Proposition de loi, well mir zumindest als CSV eis Verantwortung wëllen huelen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Pim Knaff (DP).**- Hätt Der se virdu geholl!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar.

■ **M. Pim Knaff (DP).**- Dat Gesetz ass jo awer vun lech, dat vun 1992!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- 7 Joer Zäit hat Der!

#### 3. 7833 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 juillet 2014 concernant l’aide financière de l’État pour études supérieures

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den éischte Punkt vun de Mëtten ass de Projet de loi 7833 iwwert d’Studiebäihëllefen.

Mam Accord vun der zoustänneger Kommissioun gëtt no der Presentatioun vum Rapporté ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An ech ginn elo direkt d’Wuert un de Rapporté vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d’Wuert.

***Rapport de la Commission de l’Éducation nationale, de l’Enfance, de la Jeunesse, de l’Enseignement supérieur et de la Recherche***

■ **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif alleguer, mam Gesetzesprojet, dee mer haut diskutéieren, dem 7833, sollen déi negativ Auswierkunge vun der Covidpandemie op den universitäre Parcours vun de Studente begrenzt ginn; Studenten, déi déi lescht Méint ënner méi schwéiere Bedéngungen hu missen hirem Studium nogoen.

Zu deem Zweck ginn an d’Gesetz vun 2014 iwwert d’Studiebäihëlfe verschidden temporär Ännerunge bäigesat. Och dat lescht Joer ass schonn, ëm dës Zäit - Dir erënnert lech sécher -, en änleche Gesetzesprojet hei an der Chamber gestëmmt gi fir ze vermeiden, dass d’Studenten duerch d’Pandemie ze vill géife benodeelegt ginn.

Sou ass mam deemolege Gesetz engersäits d’Kontroll vum Fortschrëtt vun de Studenten, déi 2019/2020 am éischten Héichschulzyklus ageschriwwe waren - dat heescht d’Kontroll vun hire Resultater ënnert der Form vun ECTS-Kreditter - ëm ee Joer verréckelt ginn. Anerersäits ass d’Dauer, wéi laang e Student, deen am Summersemester 2019/2020 ageschriwwe war, an de Genoss vun enger Bourse oder engem Studentepréit ka kommen, ëm ee Semester verlängert ginn.

Dat akadeemescht Joer 2020/2021 stoung natierlech gradesou wéi d’Summersemester virdu komplett ënnert dem Zeeche vum Covid-19 an den normale Betrib an enger ganzer Rëtsch vun Universiteiten an Héichschoule war och während dësen zwee Semester zum Deel staark gestéiert. Op verschiddene Plaze konnten zum Beispill d’Examen a verschiddene Fächer net geschriwwe ginn. D’Bibliothéiken, d’Archiven an d’Laboratoirë waren zum Deel zou a generell konnten d’Coursen en präsentiel net esou ofgehalé ginn, wéi dat am Normalfall de Fall gewiescht wier.

Donieft muss een natierlech och berücksichtegen, datt dës Pandemie och fir déi jonk Leit keng einfach Zäit war, dass d’Motivatioun an d’Leeschting ënner Émstänn gelidden hunn an dass dowéinst vläicht deen een oder anere manner gutt ofgeschnidden huet, wéi dat eeben ënner normalen, traditionellen Émstänn de Fall gewiescht wier.

D’Studente konnten op alle Fall hiren universitairë Parcours net esou zrëckleeën, wéi geplangt. An aus de genannte Grënn besteet de Risiko, dass vill vun hinne net an där Zäit fäerdeg wäerte ginn, wéi ugeholl.

En zousätzlecht Semester oder Joer riskéiert dobäi, besonnesch déi schwéier ze treffen, déi finanziell manner gutt opgestallt sinn, déi vun doheem aus op weéneg oder guer keng Ënnerstëtzung ziele kënnen. Dowéinst ginn d’Moosssname vum Gesetz vum Juli d’lescht Joer - 2020 - nach eemol ënner bestëmmte Konditiounen ausgeweit. Viséiert si virop déi Studenten, déi Studie während dësem akadeemesche Joer, also 2020/2021, ugefaang hunn, respektiv déi, déi nach net vun de Moosssname fir d’Summersemester 2019/2020 profitéiert hunn. Konkreet gëtt fir si, éischstens, d’Maximaldauer, fir déi een eng Studiebäihëllef ufroe kann,

ëm ee Semester verlängert an, zweetens, d’Fortschréttskontroll vun de Studien am éischten Zyklus ëm ee Joer no hanne verréckelt.

Här President, de Conseil d’État hat a sengem éischten Avis vum 22. Juni eng Rei Froen opgeworf, an zwar notamment wat d’Gläichbehandlung vu verschiddene Studente betrëfft. Nodeems de betrafene Passage vum Gesetzesprojet duerch Amendementer prezisiéiert ginn ass, duerch déi och dem Staatsrot seng Froe konnte beäntwert ginn, huet dësen dunn a sengem Avis complémentaire vum 9. Juli gréng Luucht kënnen gi fir dësen Text.

Ausser dem Staatsrot huet nach d’Handelskummer en Avis ofginn, dat war de 15. Juni, mat deem si de Projet de loi och guttgeheescht huet.

Här President, ech erlabe mer dann op dëser Plaz, fir weider Detailler op mäi schrëftleche Rapport ze verweisen. Dëst gesot, bleift mir nach just, lech alleguer Merci ze soe fir d’Nolauschteren. An ech ginn natierlech och heimadder den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Rapporté André Bauler am Numm vun eis alleguer villmools Merci.

Wéi virdrun ugekënnegt, komme mir ouni Diskussiounen elo direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7833. Den Text steet am Document parlementaire 7833<sup>5</sup>.

***Vote sur l’ensemble du projet de loi 7833 et dispense du second vote constitutionnel***

Fir d’éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

***(Appel nominal pour votes par procuration)***

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Aly Kaes), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Guy Arendt), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;*

## Le saviez-vous ?

#### LÉGISLATURE

La législature est la période pour laquelle sont élus les députés. Elle a en principe une durée de cinq ans à moins qu'il n'y ait d'élections anticipées.

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

#### 4. 7658 - Projet de loi portant modification

**1° de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d’un Service de Coordination de la Recherche et de l’Innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d’un Centre de Gestion Informatique de l’Éducation ; c) l’institution d’un Conseil scientifique ;**

**2° de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l’enseignement fondamental ;**

**3° de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l’enseignement fondamental ;**

**4° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d’un Institut de formation de l’Éducation nationale**

Leschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7658 iwwert de Centre de gestion informatique de l’éducation. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

An d’Wuert huet elo deen, dee prett steet, an dat ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d’Wuert.

***Rapport de la Commission de l’Éducation nationale, de l’Enfance, de la Jeunesse, de l’Enseignement supérieur et de la Recherche***

■ **M. Claude Lamberty (DP), rapporteur.**- Villmools merci, Här President. Mam Projet de loi 7658 komme mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour a soumat och zum sechsten a leschten Educationsprojet vun haut; e Projet de loi, deen iwwert déi lescht Méint vill diskutéiert an och vill ugepasst gouf. Um initialen Text, deen am August d’lescht Joer deposéiert gouf, sinn divers Changementer virgeholl ginn.

An deem Kontext ass ze erwänen, dass den Educationsminister Claude Meisch an d’CGFP den 2. Februar dëst Joer en Accord iwwert d’Rekrutéierungspolitik fir Direktiounsposten an der Éducation nationale ënnerschriwwen hunn; en Accord, dee festgehalé gouf, nodeems an et dëser ganzer Thematik ganz vill Diskussiouné gouf, nodeems vill ofgekläert a schlussendlech och verbessert, nogebessert ginn ass; en Accord, deen - an, ech mengen, dat kann een esou soen - och mat un der Basis war, fir dass et haut méiglech ass, fir gréng Luucht fir dëse Projet de loi kënnen ze ginn.

Ëm wat geet et elo genau bei dësem Gesetzesprojet? Éischstens, den Zougang op d’Fonctions dirigeantes vum Centre de gestion informatique de l’éducation, genannt CGIE, vum Service de coordination de la recherche et de l’innovation pédagogiques et technologiques, dem SCRIPT, an och vum Institut de formation de l’éducation nationale, dem IFEN, ze reegelen; zweetens, d’Missiouné vum Centre de gestion informatique de l’éducation à jour ze setzen; an drëttens, spezialiséiert Enseignanté fir d’Compétences numériques anzeféieren.

An deem Sënn ginn ech kuerz a knapp op dës Punkte vum Projet an. Éischte Punkt: Den Zougang op d’Fonctions dirigeantes vum CGIE, vum SCRIPT a vum IFEN ze reegelen. Eng interessant Diskussioun, déi mir an der Kommissioun gefouert hunn an och wäit iwwert d’Kommissioun eraus an déi, soen ech elo mol, den Erausforderungen, déi do bestinn, och Rechnung droen.

Här President, et ass ze betounen, dass de Moment engersäits d’Poste vum Direkter vum CGIE an anersäits d’Poste vum Direkter a Sous-Direkter vum SCRIPT an IFEN just fir Staatsbeamten, déi op d’mannst fënnef Joer an der Carrière supérieure an der Fonction publique geschafft hunn, reservéiert sinn.





Fakt ass och, dat muss ee soen, dass et an der Vergangenheit Problemer gouf, fir genügend Kandidaten ze fannen, fir dës responsabel Direktiounsposten ze besetzen. Schliesslech geet et jo drëm, héich qualifizéiert Kandidaten, och mat den néidege Qualifikatiounen a Kompetenzen, fir dës ganz wichteg a responsabel Féierungspositiounen kënnen ze besetzen, ze fannen.

An deem Sënn goufe sech divers Gedanken gemaach, fir eng beschtméiglech Léisung am Sënn vun der Saach ze fannen; eng Léisung, déi no villen Diskussiounen, Dialogen a Gespréicher, wéi ech et gesot hunn, an no engem Accord vum 2. Februar tëscht Staat a CGFP am Sënn vun der Saach konnt fonnt ginn.

Deementspriedend gëtt an dësem Gesetzesentwurf proposéiert, den Zougang zu den Direktiounsposten beim IFEN, SCRIPT a CGIE fir all d'Staatsbeamten opzemaachen, déi engersäits e fir den ugestriefte Poste relevante Masterofschloss hunn an anerersäits der Karriär A Enseignement oder Administration générale ugehéieren oder weinstens fénnef Joer ugehéiert hunn.

An Zukunft sinn dës Posten also och fir A1-Employéen accessibel, déi déi genannte Konditiounen erfëllen. D'Zil vun dëser Ännerung am aktuelle Gesetz ass ganz kloer, d'Unzuel un héich qualifizéierte Kandidaten fir dës wichteg a relevant Féierungspositiounen ze erhéijen.

Här President, ech kommen zum zweete Punkt vun dësem Gesetzesprojekt: d'Mise à jour vun der Mission vum Centre de gestion informatique de l'éducation.

Weinst der Entwécklung vun den Informations- a Kommunikationstechnologien an der leschte Joren ass et kloer, dass d'Aufgabe vum CGIE sech net méi just op déi technesch Berodung limitéieren, déi ursprénglech am geännerte Gesetz vum 7. Oktober 1993 festgehalde gouf. Deemoools, viru 27 Joer, goufen divers Ziler am grad genannte Gesetz festgehalen: engersäits d'Kreatioun vun engem Koordinationsservice fir educativ an technologesch Fuerschung an Innovatioun, anerersäits d'Kreatioun vum Centre de gestion informatique de l'éducation, an hei dernieft och d'Grënnung vum Conseil scientifique.

Mam Projet de loi, dee mir haut stëmmen, kann de CGIE elo eng, komm mir soen, méi aktiv Roll bei der Aquisitioun, der Installatioun, der Maintenance an och der technescher Ënnerstëtzung betreffend dem Informatikmaterial vun den ëffentleche staatleche Schoulgebaier anhuelen.

Wat d'Uleies vu verschiddenen Acteuren ugeet - ech nennen do elo mol just zum Beispill de Syvicol -, dass de Staat d'Finanzement vum informatesche Material am Enseignement fondamental soll iwwerhuelen, muss ee kloer festhalen, dass dës Fuerderung net am Kader vun dësem Projet de loi ka gekläert ginn. Iwwert dës Thematik kann een zu gegebener Zäit awer ganz gäre separat diskutéieren, dat dann an engem gréissere Kader, wann een d'Aufgabenopdeelung tëschent Gemengen a Staat nei diskutéiert respektiv wann een iwwert d'Finanzierung diskutéiert. Dat gouf och esou an der Kommissioun undiskutéiert, nodeems d'Madamm Hansen déi Fro och nach eng kéier an der leschter Reunioun vun der Kommissioun opgeworf hat.

Während dem CGIE seng technesch Ënnerstëtzung limitéiert ass op Technologien, déi hie selwer installéiert huet, kënnen seng Rotschléi awer vun der ganzer Administratioun vun der Éducation nationale an Ursproch geholl ginn.

Här President, e weidere wichtigen Aspekt vun dësem Gesetzesprojekt ass d'Aféierung vum spezialiséierten Enseignant fir d'Compétences numériques. D'Entwécklung vun digitale Fäegkeeten an d'Sensibiliséierung vun deene Jonke fir Informations- a Kommunikationstechnologien spillen eng ëmmer méi wichteg Roll, och am Fondamental.

D'Aféierung vum Coding an der verstärkte Gebrauch vun digitale Medien an der Grondschoulen hunn d'Enseignanté virun nei Erausforderungen gestallt. Den aktuelle Gesetzesentwurf féiert d'fir de spezialiséierten Enseignant fir d'Compétences numériques an, deem seng Aufgab et ass, d'Schoulpersonal an der Informations- a Kommunikationsbildung ze ënnerstëtzen, ze beroden an och - ganz wichteg! - ze begleeten.

Anescht gesot, et gëtt spezialiséiert Personal fir de Beräich vun den neie Medien an der Grondschoul gesicht. Si sollen de Schoulen dobäi hëllefen, Strategie fir den Asaz vun den neien Technologien am Unterricht ze entwéckelen.

Den Instituteur spëtzialiséiert en compétences numériques, wéi dës Posten offiziell heescht, gëtt dem SCRIPT zougewisen an ënnert de 15 Regiounen vum Enseignement fondamental uechtert d'Land verdeelt.

Last but not least gëtt mat dësem Projet de loi d'Koordinatioun vun der Virbereedung an der Evaluatioun vum PDS - dat ass de Plan de développement de l'établissement scolaire - zu den Attribu-

tiounen vum President vum Schoulkomitee am Enseignement fondamental bäigesat.

Här President, dëst war e ganz kuerzen Iwwerbléck iwwert de Projet de loi. Ech hu probéiert ze erklären, dass dës Projet de loi e puermol nogebessert gouf, dat och no den Avisa vum Syvicol, vum Staatsrot, vun de Chambres professionnelles. Et ass esou, dass do flott Diskussiounen waren, a fir den Detail verweisen ech och do ganz gär op mäi schrëftleche Rapport.

Ech si frou, dass mir dës wichtigen Text no laangem Hin an Hier endlech kënnen zum Vott bréngen. Dës Projet erlaabt eis net nëmmen, eng zefriddestellend Léisung fir de Rekrutementsproblem betreffend d'Féierungspositiounen beim IFEN, SCRIPT an CGIE ze fannen, mee ausserdem den Digitaliséierungsprozess vun den ëffentleche Schoule virunzedeiwen. Déi nei spezialiséiert Enseignanté spillen eng Schlësselroll bei der Gestaltung vun engem modernen an zukunftsorientéierte Schoulsystem.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, ginn den Accord vun der DP-Fraktioun a war frou, dee leschte Gesetzesentwurf vun dëser Sessiouen kënnen ze presentéieren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur Claude Lamberty Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass déi honorabel Madamm Martine Hansen.

Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President, an och e grouse Merci un der Rapporteur. Ech gi just op dräi Punkten an. Ech brauch se net méi alleguer ze erzielen, den Här Rapporteur huet dat ganz am Detail gemaach.

Den éischte Punkt, dat sinn d'Direktiounen. A mir begreissen hei ausdrécklech, dass den Här Minister zréckgeruddert ass um Wee vun der Privatiséierung. Dat kënn net esou dacks vir! Mir begreissen dat also ausdrécklech, och no den Diskussiounen, esou wéi den Här Rapporteur dat gesot huet, mat der CGFP.

Als CSV hate mer hei déi ganzen Zäit eng kloer Positioun: Keng Braderie vum Staatsdéngscht! Dat geet net mat eis! An ech wëll och d'fir hei nach eng kéier betounen: Dat, wat geplangt war - an ech weess net, wéi wäit et nach geplangt ass -, fir et bei dräi, véier eenzelne Schoulen ze maachen, déi eiser Meenung no emol no subjektive Kritiken erausgesicht gi sinn, fir och do dat selwecht ze proposéieren, nämlech och eng Aart Privatiséierung vun dëse Posten, mir wäerte weiderhi géint dës Positioun sinn. A wann dee Projet de loi nach eng kéier op den Dësch kënn - deen ass jo elo mol zréckgezu ginn -, da wäerte mer do sécherlech net kënnen domadder averstane sinn. Et gëtt keng Schoulen zweeter Klass. D'Schoule sollen alleguer d'selwecht behandelt ginn. An e Schouldirekter, dee muss och eppes vun der Schoul kennen, soss ass et relativ schwierig, eng Schoul ze leeden.

Deen zweete Punkt, dat ass de CGIE. De CGIE krut nei Aufgaben, ënner anerem fir u sech d'Material, d'informatescht Material fir d'Lycéeën ze kafen, zur Verfügung ze stellen.

Déi digital Kompetenz sinn net nëmmen an der Lycéeë wichteg, mee se ginn och an der Grondschoulen extreem wichteg. An och do gesäit de Léierplang am Prinzip den Asaz vun dëse Materialie vir. An duerfir fanne mer, dass all Gemeng u sech misst dat selwecht Material zur Verfügung gestallt kréien. Mir wëssen awer och, dass net all Gemeng déi selwecht Moyenen huet. D'fir hu mer gefuerdert - a mir hunn et u sech net nëmmen diskutéiert, mee mir haten en Amendement erabuecht -, dass de CGIE nieft der Acquisitioun vun informateschem Material fir d'Lycéeën och sollt fir d'Acquisitioun vum informatesche Material fir d'Grondschoulen zoustänneg sinn.

Mir sinn nach wie vor dovunner iwwerzeegt, well mer brauchen déi selwecht Chancé fir all Kand iwwerall am Land, egal wou et wunnt, egal wéi vill Moyenen déi jeeweileg Gemeng huet.

Duerfir si mer awer enttäuscht, dass dësen Amendement net konnt ugehall ginn. Ben, déi éischt Erklärung war, et wär d'Autonomie vun de Gemengen. Ech mengen, do wäre mer mat de Gemengen eens ginn, well wann ech den Avis vum Syvicol gelies hunn, dann hu si dat doten explizitt gefrot. A mir wäerten definitiv un dëser Fuerderung festhalen. Mir hätten och eng Léisung kënnen fannen, wa mer vläicht nach eng hallef Stonn diskutéiert hätten an d'Gesetz net onbedéngt haut hätte misse stëmmen. Well ech mengen, dat do Gesetz leeft net fort. Mir wäerte probéieren, deemnächst eng Léisung virzeschloen.

Da kommen ech bei deen drëtten Punkt: dat sinn d'Instituteur-spëtzialiséierten. Ech verstinn, dass net all Léierpersonal an allem ka perfekt sinn. Dat hunn

ech déi leschte kéier schonn hei gesot gehat. Mee mir hunn awer och e Problem domadder, u sech ëmmer méi Instituteur-spëtzialiséierten ze kreéieren mam Risiko, dass mer ëmmer méi Léierpersonal vum Terrain fortzéien, a mir brauchen ..., mir wëssen, dass mir do net genuch qualifizéiert Léierpersonal hunn. Also misst fir eis déi éischt Prioritéit sinn, genuch qualifizéiert Léierpersonal um Terrain an de Schoulen ze hunn, ier mer dës Instituteur-spëtzialiséierten u sech kreéieren.

A weinst dësen dräi Punkten a virun allem well eist Amendement refuséiert ginn ass mat enger Erklärung, déi ech esou net onbedéngt kann novollzéien, wäerte mer eis hei enthalten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmoools, Madamm Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Francine Closener (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, der Rapporteur huet och dës Projet de loi a seng Zilsetzung ganz gutt beschriwwen. Merci do derfir. Et ass e Gesetz, wat eis Schoul fir hire Fonctionnement am 21. Joerhonnert ganz einfach brauch. An erlaabt och mir, just op e puer Punkten anzegoen, déi eis besonnesch wichteg sinn.

Éischstens, wat den Accès ugeet zu den Direktiounen, Direktiounsposten am SCRIPT, dem IFEN an dem CGIE. Och mir begreissen ausdrécklech, dass de Minister an d'CGFP dee schonn zitéierten Accord fonnt hunn, fir déi ëffentlech Schoul ze stäerken, an dass an der Suite dovunner de Projet du vun der Regierung amendéiert gouf.

Dann zu den Instituteurs spëtzialiséierten en compétences numériques. Onofhängeg vun der Pandemie a scho virdru war jo kloer, dass och am Enseignement fondamental déi digital Kompetenz vun de Kanner musse gefërdert ginn an d'Enseignanten - an dat huet den Homeschooling awer och erëm gewisen - dobäi natierlech awer och müssen ënnerstëtzt a berode ginn. Et geet net just ëm de Coding, et geet och ëm d'Medienerzëiung, et geet ëm d'Plusvalue vun der Digitaliséierung am Unterricht a vum Unterrecht. An et ass also normal, dass d'Schoulen am Fondamental do Hëllef kréie vun de Spezialisten.

Wichteg ass eis, dass déi Instituteuren effektiv dann och an der Schoule sinn an, esou wéi mer dat och an der Educationskommissioun erkläert kruten, dass se héchstens zwee Deeg am Mount um SCRIPT sinn a fir de Rescht vun der Zäit an de Schoulen.

D'Gewerkschafte monéieren, an d'Madamm Hansen huet dat och elo hei widerholl, dass d'Enseignanten dann awer net zur Verfügung stinn als Titulairé vun enger Klass. Ech verstinn dat, an duerfir géif ech och den Här Minister froen, ob et virgesinn ass, fir vläicht no e puer Joer eng Evaluatioun ze maache vun deenen Instituteurs spëtzialiséierten.

Ech mengen, et besteet jo guer keen Zweifel, dass d'Kanner déi ugeschwate Kompetenz brauchen. Mir wëlle just séchergoen, dass déi doten Aart a Weis, fir déi Kompetenzen ze fërdere, ze entwéckelen, wierklech déi Beschte ass, oder ob een net besser hätt, an der Formatioun an an der Weiterbildung vun den Enseignanté méi Wäert op dës Aspekter ze leeën, respektiv ob et net sennvoll wier ze kucken, wéi ee kéint derfir suergen, dass all eenzel Schoul d'office esou e Spezialist hätt - wann ee se da fënn - , amplat dass mer der elo 15 hu fir d'ganz Land.

Dat sprengt awer elo natierlech de Kader vun dëser Diskussioun. Mee ech mengen, dass awer déi Fro vun der Evaluatioun interessant ass am Interêt vun de Kanner, awer och am Interêt vun der Attraktivitéit vum Enseignantsberuf.

An dann nach dee leschte Punkt: Dat ass och bei mir dee vum CGIE a senge Missionen. Ech mengen, et kann ee wierklech doriwwer diskutéieren, wéi wäit een de CGIE fir de Fondamental soll unzapen. D'Chancégerechtkeet fir all Kand ass natierlech en Argument derfir, well och a mengen Ae muss all Schoul op d'mannst e Minimum un techneschen Outilen fir d'Kanner zur Verfügung stellen.

Op där anerer Säit si mer hei awer direkt bei der Fro vun der Gemengenautonomie an ech weess, dass eng ganz Rei vu Buergermeeschteren iwwerhaapt guer net Demandeur sinn, dass de CGIE sech elo op eemol ëm sämtlecht Material do am Beräich vun der Digitaliséierung géif këmmere. Vill gutt Initiativen, och a grad am Beräich vun der Schoul, komme jo och vum Terrain, also Bottom-up amplat Top-down - dat huet sech scho ganz dacks bewäert. Op alle Fall denken ech, dass eng gréisser Diskussioun néideg ass doriwwer, dass ee mat alle méiglechen Acteuren misst schwätzen, och mat de Gemengeresponsablen, awer virun allem och mat der Inneministesch, wéi si dat gesäit.

An, by the way, wënschen ech der Inneministesch vill Courage an ech wëll hir eis voll Ënnerstëtzung zousoe bei der Krisegestioun vun dësem Joerhonnert héichwaasser, wat se voll an Usproch hält.

Dës Projet de loi op alle Fall, dee fënn eis Ënnerstëtzung an ech ginn d'fir natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmoools, Madamm Closener. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Här President, ech wëll ausdrécklech dem Rapporteur Claude Lamberty e grouse Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Mee och lech, Här Baum, als President vun der Kommissioun, e grouse Merci fir d'Disziplin an der Suivi vun deene ville Gesetzer, op deene mer an deene leschte Woche geschafft hunn.

Kolleginnen a Kollegen, mam Vott zu dësem Gesetz gi mer e wichtige gesetzleche Kader fir verschidde wichteg Entwécklungen am educative Sektur. A mir maachen dat alleguer am Wëssen, dass et dorëms geet, d'Enseignanten um Terrain besser ze begleeten, mat Kompetenzen ze outilléieren a mat Wëssen ze begleeten.

Ech wëll mam CGIE, dem Centre de gestion informatique de l'éducation, ufänken. Dës wichtige Ressourcenzentrum fir eis Schoule profitéiert op zwou Plaze vun dëser Gesetzesännerung: Zum enge kritt d'Verwaltung en Directeur-adjoints-Posten erméiglecht an zum anere ginn d'Missionen vun dësem Service erweidert.

An Zäite vun iPad-Klassen, digitale Whiteboards, Teams a weideren digitale Léierformen ass et evident, dass et e Service muss ginn, deen d'Enseignanté mat Knowhow a mat informatescher Expertis kann ënnerstëtzen an an der Transition op déi nei informatesch Méiglechkeeten ka begleeten. Hei fanne mir et wichteg, dass deen néidegen Encadrement ginn ass, virun allem wann et vum Terrain gebraucht ass, fir d'Leit do ze entlaaschten an hinnen och nei Méiglechkeeten opzeweisen.

D'Pandemie huet eis do - an et gouf scho vu ville Virriedner gesot - nei Méiglechkeeten gewisen, mee och d'Limitten dovunner ze spiere ginn: Et geet awer näischt iwwer e perséinlecht Gespréich an den direkten Austausch par rapport zur Kommunikatioun hannert dem Tablet oder dem Bildschirm. An et geet drëms, an dëser Hisiicht dee richtegen Equilibre ze fannen.

An do wiere mer beim nächste Punkt, deen dëst Gesetz beaflosst, an zwar de Compétences numériques, ganz sécher eng wichteg Kompetenz vum 21. Joerhonnert, déi muss transversal an eise Schoulen hir Plaz fannen.

Wéi mer a Prepandemieszäiten am SCRIPT waren, krute mer flott an innovativ digital Programmer gewisen, fir spilleresch mathematesch Kompetenzen ze léieren oder eng Sprooch ze verdeiwen. Am Lycée Aline Mayrisch programméieren d'Schüler am Kader vum digitalLAM hir eegen App a léieren nieft der Programmation Kreativitéit, Projezmanagement a Schaffen an der Ekippe.

Queer duerch d'Fächer, am Secondaire wéi am Fondamental, kann een de Lien zur Digitaliséierung an den dozougehéierege Kompetenzen erëmfannen a verdeiwen. A genau an där Optik ginn d'Instituteurs spëtzialiséierten en compétences numériques geschaaft a beim SCRIPT affektéiert, fir vun do aus eebe besonnesch eise Fondamental mat Projeten, Formatiounen an Outilen ze ënnerstëtzen.

Zu gudder Lescht wäre mer da beim leschte Punkt vun dësem Gesetz - a mir hunn et vun der Virriedner jo schonn en long et en large undiskutéiert kritt - Et geet ëm d'Direktiounsposten vum SCRIPT, vum IFEN a vum CGIE, dräi Entitéiten, déi den Enseignement ënnerstëtzen, forméieren a begleeten, déi Outilen ausschaffen, Formatiounen ubidden an d'pädagogesch Weiterentwécklung fërdere a weiderreechen. Se sinn allen dräi enorm wichteg fir sécherzustellen, dass eise Bildungssystem net stagnéiert, mee innovéiert a sech weiterentwéckelt.

Eist Léierpersonal ass mat ëmmer méi komplexe pedagogesche wéi inhaltlechen Erausforderungen konfrontéiert a kann déi nëmme meeschteren, wann et outilléiert ass a mat dësen Erausforderungen net eleng gelooss gëtt. A genee dowéinst sinn dës Organismen esou kruzial fir eng qualitativ Bildungsoffer an eisem Land.

An eng gutt funktionéierend ... A, elo hunn ech d'Zeil verluer.

(Hilarité)

A gutt funktionéierend Organisme brauchen eng gutt Leedung, déi d'Persounen managt, dat Beschte aus hinnen eraushëlt an nei Schwéierpunkte setzt, déi Besoinen erkennt a Léisungen proposéiert. Eleng am SCRIPT, hunn ech mer soe gelooss, schaffen Ufank 2020 120 Leit. Dës Zuel schwätzt fir sech, dass et do eng gutt funktionéierend Direktioun brauch.

Mat dësem Gesetz maache mer d'Méiglechkeet op, fir um Niveau vun der Kategorie A mat mindestens fénnef Joer Berufserfahrung, souwéi bei den Em-





ployés de l'État mat deene selwechte Krittären - e Masterdiplom a fénnef Joer Beruffserfarung am Enseignement oder an der Administration générale - ze rekrutéieren. Doduerch maache mer d'Méiglechkeet op, fir méi Leit an de potenzielle Pool vu Kandidaten eranzehuelen an esou méi Chancen ze hunn, fir déi beschtméiglech Persoun fir esou e Posten ze fannen.

Mir wëssen all, dass et eng grouss Diskussioun ronderëm d'Direktiounsposte gouf a si frou, dass mer en Accord fonnt hunn, mat deem all d'Acteure liewe kënnen.

Här President, d'Kompetenzvermittlung, inhaltlecher wéi pedagogescher Natur, an d'Ennerstëtzung vum Terrain ass enorm wichteg, fir dass eis Léierpersounen hir verantwortungsvoll a wichteg Aufgaben kënnen wouerhuelen. Dat verstärkt mer mat deem Gesetz.

An deem Sënn ginn ech och ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Bernard. Ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (*ADR*).**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och dem Rapporteur Merci fir de Rapport. Dat heissen ass e Gesetz, wat besonnesch ass am Fong, well verschidde Punkten dra sinn, déi awer ganz ënnerschiddlech sinn een zu deem aneren.

Ech kommen dann och zu deem éischte Punkt, dat ass dee vun den Direktiounen. Dat ass deemools als Projet an d'Kommissioun erakomm, gemeinsam mat deem anere Projet fir d'Direkteren an deene verschiddene Lycéeën, wou also sollte Leit aus dem Privatsektor kënnen agestellt ginn. Ech hu mech dee Moment, oder mir als Partei, vehement dergéint gewiert, och well an deem Fall hei virgesi war, dass d'Sproochekompetenzen net hätte missen erfëllt ginn. An Dir kënnst lech do erënneren, an der Kommissioun, dass mer dat guer net gefall huet. Bon, mee eleng kann een net vill maache respektiv, soen ech elo emol, duerno ass dat Ganz méi vun de Gewerkschaften opgegraff ginn.

An ech mengen och, ...de Rapporteur huet vu flotten Diskussiounen geschwat, ech géif éischter soen, dass et eng massiv Oppositioun ginn ass vum Terrain, vun de Gewerkschaften, wat schliesslech zu de Verhandlungen mat der CGFP gefouert huet, mat deem Resultat, wat dobäi erakomm ass, wat fir eis dann och begrëssenswäert ass.

Den zweete Punkt ass, bon, dat Ganz mat der Digitaliséierung. Ech mengen, ze vill Bildschiermer, wësst Der, dat ass net dat, wat eis gefält. Natierlech muss mer och am 21. Joerhonnert ukommen a mir mussen och an der Schoul léieren, déi néideg informatesch Moyenen ze benotzen. Mee grëss-tendeels soll d'Schoul, eiser Meenung no op jidde Fall, awer nach ëmmer ouni Bildschirm oflafen. An dat sollt och nach ëmmer an de Vierdergrond gestallt ginn an op kee Fall negativ behaft ginn.

An dann nach en drëtten Punkt, dat ass d'Léierpersounal, wat elo geholl gëtt als Experte fir d'Informatik. Dat ass natierlech e Problem, wou erëm Leit vum Terrain ofgezu ginn, fir bei de SCRIPT ze goen. Bon, ech huelen un, dass beim SCRIPT ganz vill Leit sinn, déi och eng nützlech Aarbecht maachen. Mee trotzdem ass dat erëm eng Kéier e schlecht Zeechen, well d'Leit, déi qualifizéiert sinn, gehéieren am Fong op den Terrain. An ëmmer erëm Plazen ze schafen, soen ech elo emol, déi och ganz vill Bürokratie verursaachen a vläicht duerno net dee wirklechen Input liwweren, dat bréngt eis näischt.

Mee, wéi gesot, well den éischte Punkt duerno esou riichtgebéit ginn ass, dass en eis elo gutt gefält, wäerte mer dëst Gesetz matstëmmen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmoos, Här Keup. Da geet d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Myriam Cecchetti (*déi Lénk*).**- Merci, Här President. An deem Gesetz geet et, wéi scho vir-dru gesot, Här President, e bëssen ëm alles. Et geet drëms, Direktiounen ze schafe fir verschidde Services an Instituter vum Educatiounsministère; et geet awer och drëms, nei spezialiséiert Enseignanten anzustellen, déi sech besonnesch am Coding auskennen. Ech weisen hei einfach och op d'Penurie vun eisen Enseignanten hin. Dës Instituteurs spëzialiséen en compétences numériques kommen zum Asaz, fir déi digital Kompetenz vun de Schüler ze férdere, wat natierlech och wichteg ass.

Gläichzäiteg ass an deem Gesetz och rieds vum Plan de développement de l'établissement scolaire an dovunner, datt d'Evaluatioun vum PDS elo soll beim President vum Schoullkomitee leien. Aus all deem léisst sech awer erausliesen, datt et eigentlech ëm d'Digitaliséierung geet: Digitaliséierung souwuel vun de Schoulinfrastrukture wéi och als

Schoulprogramm; Digitaliséierung och als Kompetenz, déi d'Schüler sollen entwéckelen; Digitaliséierung als Formatiounsprogramm fir Enseignanten; Coding als spezifesch Fach mam néidege Personal, fir dës digital Kompetenzen ze enseignéieren; an natierlech digital Projeten am Kader vum PDS.

Ech mengen schonn, dass dat den Hannergedanke vun deem Projet de loi ass: d'Digitaliséierung an der ëffentlecher Schoul weiderbréngen ze kënnen. Den Digitaliséierungsprozess ass amgaangen, och an der Schoul. Hei gëtt och keen Enseignant oder Schüler/in gefrot, ob en dat wëllt oder net. Dat muss elo gemaach ginn, mee wéi? Dat ass nach onkloer!

Eng konkreet Strategie fir dësen Apprentissage numérique gëtt et nach net. Dee Prozess am Bildungsberäich ass jo awer vu grousser Envergure a méitéiert op d'mannst déi eng oder aner ëffentlech Debatt, déi eng oder aner Consultatioun vun de Leit um Terrain an eng grondleeënd Iwwerleeung iwwert d'Formatioun, déi d'Enseignante mussen hunn, fir déi digital Kompetenzen kënnen ze vermëttelen. Verschiddener mussen sech déi fir d'éischt emol nach selwer uneegnen.

Här President, jiddweree schwätzt hei vun der digitaler Revolutioun, mee keen huet se nach esou wirklech gesinn. An dat ass an der Schoul och net ganz anescht: Et muss ee scho siche goen, fir Informatiounen iwwert déi digital pedagogesch Programmer ze kréien, déi an der Maach sinn, oder besser gesot, nofroen.

Mir hunn e puermol dozou eng Question parlementaire un de Bildungsministère gestallt. Mir wollte wëssen, no wéi enge Krittären dës Programmer an digital Projeten evaluéiert ginn a wat d'Objektiver sinn, déi sollen domadder erreecht ginn. Geet et drëms, d'Léierfäegkeet ze verbesseren? A wann, wéi ass et objektiv ze evaluéieren, ob d'Digitaliséierung och wirklech eppes zu dëse Léierfäegkeete bäidréit? Mir wollten och wëssen, ob de Centre de gestion informatique de l'éducation och selwer seng digital Kompetenzen notzt, fir Open-Source-Material am Opdrag vum Ministère auszeschaffen: Applikatiounen, Software, déi net vu Microsoft oder Apple opkaf ginn.

D'Äntwert op eis Question parlementaire war, datt si dat och maachen, mee datt et awer ze vill Opwand wier an duerfir géife si op Lizenze vu Microsoft a Co zréckgräifen. Microsoft Teams wier och eng super Applikatioun, déi vum gesamten Enseignementspersonal géif genotzt ginn, an ouni déi ee während der Pandemie net hätt kënnen schaffen - wat jo och wirklech richtig ass.

Just niewebäi bemierkt, eng ganz jonk gewëtzte Persoun, déi viru Kuerzem bei eis - déi Lénk - hire Stage gemaach huet, sot voller Entrüstung op d'Äntwert vun eiser Question parlementaire: „Mee ech hunn e Kolleg, dee schafft eng Plattform wéi Teams innerhalb vun engem Dag aus!“ Duerfir denken ech, datt een och déi Kompetenzen an déi Iddie vun deene jonke Leit muss huelen an hinnen och vermëttelen, datt si duerno fräi domadder schaffe kënnen, ouni kommerziell Hannergedanken.

Op jidde Fall muss kloer sinn, wat fir digital Kompetenzen d'Schüler sech sollen uneegne kënnen a wien herno dovun profitéiere soll: entweder déi fräi Maartwirtschaft oder villäicht och de Kollektiv? Bilde mer Travailleurs du clic aus fir grouss digital Branchen, oder Leit mat Iddien, wéi een duerch digital Mëttele Léisunge ka fanne fir d'Erausfuerrung vun haut, an der Ekologie, am Wunnensbau, am Sozialen?

Mir wiere frou, wann d'Digitaliséierung am Enseignement eng Kéier als eenheetlech Konzept géif um Dësch leien, amplat stéckelchersweis a verschiddene Gesetzestexter verspreet ze ginn.

Mir begrëssen awer un deem Projet, datt de Minister sech derzou entscheet huet, déi Direktiounsposten, déi de CGIE, de SCRIPT an den IFEN betreffen, net fir Kandidaten aus der privater Wirtschaft zougänglech ze maachen. Ech mengen, d'Reaktioun op de Projet de loi 7662 - Kandidaten aus der Privatwirtschaft op d'Direktiounsposte vu verschiddene Lycéeën setzen - huet de Minister genuch ënner Drock gesat, fir dass en dës Kéier net dee selwechte Feeler mécht. A mir mengen am Géigendeel zum Här Lamberty, datt een der genuch fënnt, wann ee wëllt.

Mir enthalen eis bei deem Projet mat der Remark, datt mir eis wënschen, de Minister géif dat net kommerziellt Potenzial vun der Digitaliséierung méi escht huelen a sech net just mam Material vun Apple a Co andecken.

Donieft bedauere mir, esou wéi d'Madamm Hansen et och scho virdu gesot huet, datt d'Amendementen vun der CSV, fir de Gemenge mam Finanzéiere vun der digitaler Hard- a Software ënnert d'Äerm ze gräifen, net zréckbehale goufen, well net all Gemeng huet déi finanziell Moyenen, fir hir Schoulen esou opzerüsten. An da kënnen mir leider net méi vu Chancëgläichheet schwätzen, dann hu mer erëm Zwouklassegesellschaften.

Da loosse mer alt hoffen, datt dëst dann zu gegebener Zäit an engem anere Gesetz opgegraff gëtt an dann - esou wéi de Rapporteur vun deem Gesetz dat dann och gesot huet - ka weidergefuert a gekläert ginn.

Voilà! Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci, Madamm Cecchetti. An dee leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, also de Stagiaire vun déi Lénk, dee géif ech direkt astellen, wann en dat fäerdegbréngt.

(*Hilarité*)

■ **Une voix.**- Mir och!

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Well ech verweise just eng Kéier drop, datt déi Firma, déi en änleche Produit wéi Teams offréiert - dat ass Slack -, eng amerikanesch Startup gewiescht ass. Mëttlerweil kann ee se net méi Startup nennen. Se huet ëmmerhin eng IPO (ndlr: Initial Public Offering) gemaach; déi ass - Cours gëschter Owend op der New Yorker Bourse - 25,82 Milliarden Dollar wäert, an dat ass just de Volet vum Chatten, vun der Kommunikatioun. Da schwätze mer nach net vun der Dokumentenbearbeitung a vum Echange vun deenen Donnéeën.

Deementspriedend huet e vläicht besser, e mécht nach deen een oder deen anere Stage méi laang fir ze gesinn, datt de „minimum viable product“ vläicht net ëmmer de finale Produit ass, deen ee ka benotzen.

■ **Une voix.**- Oder nach e Stage anzwousch anescht.

(*Hilarité*)

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Dat gesot ... Vlächet och nach e Stage anzwousch anescht, vlächet bei esou enger Firma, déi dat offréiert.

Ech muss einfach soen, et ass natierlech einfach gesot: „Et gëtt keng Alternativ.“ Dat ass eppes, wat ech och schonn e puermol kritiséiert hunn. An ech wäert och nach kuerz op Open Source ze schwätze kommen, wat awer e Sujet ass, dee mer ganz um Häerz läit.

Mee ganz kuerz eng Kéier zur Digitaliséierung an der Schoul: Se mécht net Halt virun der Schoul an d'Digitaliséierung ass aus eise Liewen net méi ewechzedenen. A grad duerch eng Pandemie hu mer gemierkt, wéi wuchert et ass, seier kënnen dohinner ze basculéieren.

Zur Digitaliséierung gehéieren awer och Mediendiktik a Medienerzéiung, a genau dës ginn ëmmer méi wichteg. Säit Kuerzem gouf jo och - an dat gouf schonn ugeschwat - de Coding als transversaalt Schoulfach opgeholl. Dat konfrontéiert d'Léierpersounal mat neien Inhalter an Herausforderungen.

Mir ënnerstëtzen duerfir dëse Projet mam Zil, dem Enseignant gutt forméiert Usprichpartner an och Aarbechtskollegen zur Säit ze stellen, absolutt, well ouni dat geet et net! Mir freeën eis och, datt am Secondaire elo digital Outilen, zum Beispill Computeren, Laptops oder Tablets, iwwert de CGIE finanziéiert an och ënnerhale solle ginn, bedauern awer, datt esou eng Léisung net och fir de Fundamental konnt fonnt ginn.

Wat nämlech d'technologesch Material an de Primärschoulen ugeet, gëtt et nach ëmmer ganz grouss Ënnerscheeder tëscht de Gemengen - Autonomie communale oblige -, déi aktuell ëmmer nach eleng zoustänneg sinn: Während déi eng Schoule schonn an all Sall Laptops hunn, eng digital Tafel stoen oder hängen hunn, hunn aner Gebaier ëmmer nach nëmmen e Computersall, deen all d'Klasse sech deele mussen.

Esou gesäit Chancëgläichheet net aus, léif Kollegeinnen a Kollegen. An Zäiten, an deenen digital Outile lues a lues zum feste Bestanddeel vum Schoulalldag ginn an de Ministère och ganz konkreet Applikatiounen a Programmer op de Schoulprogramm setze kann, si mer der Meenung, datt de Ministère och hei misst fir eng Chancëgläichheet suergen.

Aktuell besteet fir d'Gemengen nämlech och ëmmer de Risiko, datt si hir Schoulen, wa se dann d'Suen dofir hunn an an d'Hand huelen, mat bestëmmte Geräte ekipéieren an dann awer mierken, datt de Ministère de Programm geännert huet an hir Apparater net méi passen, esou zum Beispill, well Android-baséiert Applikatiounen sollen zum Asaz kommen, obwuel d'Schoul elo grad eréischt Apple-Produite kaf huet oder well ëmgedréint mat enger Software am Enseignement geschafft soll ginn, déi just op Mac leeft, während d'Schoul awer just Windows-PCen huet. A schwätze mer elo net dovunner, datt iergendeng Gemeng géif op d'Iddi kommen, Linux an Open Source zum Asaz ze bréngen, well da ka se net emol domadder op de MyGuichet goen!

Fir esou Problemer ze vermeiden an eng Gläichheet tëscht de Gemengen ze erreechen, wär et gutt gewiescht, d'Aufgabefeld vum CGIE och op d'Primärschoulen auszeweiden, oder, falls dat aus verschiddene Grënn onméiglech ass, eng eege responsabel Arichtung fir de Fundamental anzusetzen. Dat muss net esou wäit goen, datt de Staat et och bezilt, mee zumindest eng zentral Beschaffung, déi kohärent mam Schoulprogramm ass an déi eng gewësse Garantie géif ginn, hätt eis hei awer wënschenswäert erschéngt.

Idealerweis - an do kommen ech op den Open Source -, géife mir Piraten eis awer och wënschen, datt um Ministère technologieagnostesch Programmer an Applikatiounen an eebe grad och Open-Source-Léisunge géife favoriséiert ginn, fir esou Kompatibilitätsproblemer vu vireran auszuschléissen a Jonken d'Méiglechkeet ze ginn, d'Software, mat deene se schaffen, ganz verstoen ze kënnen, wa se dat wëllen, well och dat ka Jonker fir d'Programméiere begeeschteren. Et ass eebe méi interessant, wann ee Createur an net nëmme Konsument ass! An den Advantage ass, datt déi meescht Open-Source-Software och d'ailleurs selwer kann hebergéiert ginn an domadder méi dateschutzkonform kann agesat ginn.

Ech ginn elo net op déi jett Question-parlementaire an, déi ech scho gestallt hunn zum Thema dateschutzkonformen Asaz vun Office 365 an där ganzer Cloud-Emgéigend am Enseignement. Dat géif de Kader vun dëser Diskussioun sprengen. An ech begrëssen et duerfir an deem Kader dann ausdrécklech, datt de CGIE, nieft der Microsoft-Cloud, mëttlerweil och eng nächst Cloud-Instanz fir den Echange vun Dokumenter zur Verfügung stellt: Eppes, wat Open Source ass a wat vum CGIE selwer hebergéiert gëtt, also méi dateschutzkonform kann ëmgasat gi wéi d'Cloud vu Microsoft.

Dat gesot, sinn ech mer bewosst, datt een dat eeben net an engem Dag ëmsetzt, datt een net e Knäppchen ëmleet an direkt eng nei Cloud-Plattform zu Lëtzebuerg lafen huet. Dat ass e Prozess, dee braucht Zäit, dee braucht politesche Wëllen an dee braucht virun allem dann och déi Leit, déi et exekutéieren. A fir datt mer déi iwwerhaapt iergendwann eng Kéier hei zu Lëtzebuerg hunn, mussen mer d'Digitaliséierung an de Schoulen no vir driewen, an dat geet nun emol net komplett ouni Ecran. Duerfir gi mir eisen Accord zu deem Projet.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmoos, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educatiounsminister Claude Meisch.

**Prise de position du Gouvernement**

■ **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e Merci nach emol un de Claude Lamberty, deen eis an d'Komplexitéite vun deene ganz ënnerschiddlechen Aspekter vun deem Projet de loi agefuert huet. Mee et war awer och noutwendeg, op eenzel Aspekter eebe Kloerstellungen ze kréien.

Ech mengen, ee vun de ganz wichtigen Aspekter, dat ass d'Schaffung vun den Instituteurs spécialisés en compétences numériques, well mer eis doranner eens sinn, datt mer déi numereesch Kompetenz bei de Kanner developéiere mussen, datt mer dat relativ fréi mussen maachen an datt dat natierlech eppes ass, wat de Gros vun den Enseignanten an hirem Grondstudium esou net gesinn hunn, well et et zum Deel nach net gouf, well mer do och amgaange sinn, innovativ Methoden ze entwéckelen an deen definitive Wee dann och eigentlech eréischt an der Applikatioun sichen.

Duerfir ass et wichteg, datt mer Fachleit op der Plaz hunn - Fachleit vum Enseignéieren, Fachleit awer och vum digitalen Enseignéieren. Duerfir hu mer déi Fonctioun geschafe vun Instituteur spëcialisé en compétences numériques.

Dat si jo 15 Posten, déi do virgesi sinn: Fir all Regioun vum Enseignement fondamental een. Ech denken, datt dat och net iwwerdrifwen ass a sécherlech net de Corps enseignant wäert ausbludde loosse, wa mer all Enseignant erëm op deem dote Wee eng zousätzlech Hëllef, en Encadrement, kënnen zur Verfügung stellen, e Coaching kënnen bidden, wirklech an der Schoul weisen, wéi een et op eng digital Manéier dann och ka maachen, wéi een digital Outile gewënnbréngend a säin Unterrecht kann abauen. Do hu mer eebe Multiplificateuren an all Regioun, déi déi digital Methodologien och an den Unterrecht erabrëngen.

Mir wëssen, datt et hei net nëmmen drëms geet, elo de Coding ze vermëttelen. Et geet och drëms, heiansdo aneschteren ze enseignéieren, den Unterrecht ze iwwerdenken. Mir wëssen, datt den differenzierten Unterrecht mat digitalen Outilen e gutt Stéck méi einfach vun Hand geet. Wann een ënnerschiddlech Schüler an der Klass huet an et wëllt een déi och allegueren op hirem Niveau ofhuelen a





weiderbréngen, da geet dat sécherlech och mat digitalen Outilen e Stéckwäit besser wéi ouni digital Outilen. An et gëtt eng ganz Rei vu flotte Beispiller, vu flottene Applikatiounen, mat deenen ee säin Unterrecht ka verbesseren.

An deem Sënn, mengen ech, ginn d'I-CNen, wéi se ofgekierzt genannt ginn - well mer musse jo alles ofkierzen an der Education, also och d'Instituteurs spécialisés en compétences numériques ginn ofgekierzt als I-CN -, sécherlech och hirer Aufgab gerecht, andeems se probéieren, deenen aneren Enseignanten hir Methoden och widerzeentwéckele fir ze enseignéieren.

Ech wëll drun erënneren - et ass hei e puermol vun deem Sujet geschwat ginn, dee mer d'lescht Woch thematiséiert hunn, nämlech d'Penurie vun den Enseignanten -: Dir hutt vläicht matkritt, dass ech dës Woch d'Freed an d'Éier hat, zimmlech genau 400 nei Enseignantë fir de Fondamental an de Secondaire ze vereedegen. Ech mengen och, dass déi Mesuren, déi mer geholl hunn, awer och do gräfen an dass mer net ëmmer nëmme sollen hei Schwaarmolerei bedreiwen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Et ass eng Erausforderung, fir gutt qualifizéiert Enseignanten ze rekrutéieren - dat bleift och eng -, mee trotzdem komme mer awer och do weider an trotzdeem kann dat op jidde Fall kee Grond sinn, dass mer aner Entwécklungen einfach leie loossen, nämlech d'Aféierung vun digitalen Outilen an eiseem Unterrecht.

Ech si frou, dass mer hei e Konfliktpunkt, deen zu menger Iwwerraschung eigentlech zu engem esou groussen Thema am Land ginn ass, nämlech dee vun den Direktiounen vum CGIE, vum SCRIPT, vum IFEN an awer och vun deene véier spezialiséierte Lycéén, dass mer dat konnte bäileen duerch eng Diskussioun, déi mer mat der CGFP haten.

Ech si frou, dass an deem Accord mat der CGPF awer och konnte Méiglechkeete fonnt ginn, dass all Agent vun der Fonction publique, all Agent vum Staat, sech do eigentlech och kann als Kandidat presentéieren. Dat mécht de Krees vun deenen Anwärtter op esou Direktiounsposten dach awer scho méi grouss a kann derzou bäidroen, dass mer aner Kompetenzen nach eng kéier an den Direktiounen present hunn, kann derzou bäidroen, dass mer och do finalement e gudden Choix kënnen treffen - dat eeben och fir déi Direktiounen, déi hei elo betraff sinn.

Deen Accord géllt eeben och an deem selwechte Mooss fir déi aner véier spezialiséiert Lycéén. Wa mer dee Besoin do nach eng kéier gesinn, da wäerte mer och deementspriedend, getrei dem Accord mat der CGFP, e Projet de loi op den Instanzeweise bréngen.

Déi Fro, déi hei och ugeschnidde ginn ass an, ech mengen, déi jo och an der Kommissioun diskutéiert gouf, wou gesot ginn ass: „Wann een eng hallef Stonn Zäit gehat hätt, dann hätt een eng Léisung fonnt“, ech sinn do manner optimistes. Well déi, ëm déi et awer do geet an déi een um Dësch brauch, fir do eng Léisung ze fannen, wann et drëms geet: „Wie finanziéiert an Zukunft den Équipement informatique an de Grondschoulen?“, déi souzen, souwäit ech weess, an där doter Kommissiounssëtzung net mat um Dësch.

An dat ass awer och d'Inneministesch an dat ass och de Finanzminister, well hei geet et finalement manner ëm eng Bildungsfrage; et geet finalement ëm eng Fro vu Gemeengefinanzen. Wann de Staat do Aufgabe soll iwwerhuelen, déi eigentlech haut net seng Aufgabe sinn, traditionsgeméis och ni seng Aufgabe waren, dass den Ekipement vun de Grondschoulen vum Staat soll iwwerholl ginn, da bedeit dat sécherlech méi eng breet Diskussioun.

Ech si mer emol - well ech eng Gemeng dach awer nach gutt kennen, dass ass zwar elo schonn eng Rei vu Joren hier - déi al Budgete vun der Stad Déiferdeng eraussiche gaangen. An do hu mer gekuckt, wat mer do all Joer an den Ekipement vun der Informatik fir d'Schoulen investéiert hunn, wat de Budget dann do war.

Ech hunn dat och einfach mat der Règle de tri héichgerechent op déi gesamt Populatioun, an da kommen ech awer schnell op 50 Milliounen, ëm déi et hei geet. Dat ass also dat, wat am Raum steet. Ech denken net, dass een einfach an enger hallwer Stonn emol eng kéier ka soen: „Hoppla, elo gi mer dat doten emol als Aufgab bei de Staat.“ Virun allem net, well déi zoustänneg Ministeren - an dat ass d'Inneministesch an dat ass de Finanzminister! - do net agebonne sinn.

Mir wäerten eis als Regierung sécherlech net der Diskussioun verwieren, fir och do ze kucken, ob déi Trennung, wéi se haut ass, tëscht de Kompetenzen am Enseignement fondamental, tëscht de Gemengen op där enger Säit an de staatlechen Instanzen op där anerer Säit, wou et jo net nëmme drëms geet: „Wie bezitt wat?“, mee wou et och drëms geet: „Wien decidéiert wat?“ ... Do kann ee sécherlech driwwer schwätzen. Mee ech mengen,

dass een dann awer och méi breet muss driwwer schwätzen. A wann et ëm d'Bezuele geet, da mussen och déi mat um Dësch sinn, déi et dann och finalement musse bezuelen.

Ech fannen et awer ganz richtig, wat de Sven Clement och gesot huet, dass ee muss kucken, dass mer dat richtig Ekipement an de Klassen hunn an dass et egal ass oder nach zweetangeg ass, wien et bezitt, mee dass mer da kucken, dass et funktionéiert, dass déi Software och drop leeft an dass mer net falsch investéieren - egal wien investéiert.

Duerfir huet de CGIE och scho virun engem Joer dorëmmer Guidelines ausgeschafft, déi mer de Gemengenadministratiounen zur Verfügung gestallt hunn, fir eebe grad och net dat falscht Ekipement ze kafen a fir dat, wa se investéieren, wann d'Gemenge Budgeten zur Verfügung stellen, dann och dat richtig Ekipement do da kann ugeschafft ginn, wou dann och déi allermeeschten Applikatiounen herno während enger Zäit drop lafen. Mee mir wëssen, dass esou en Ekipement och ganz schnell erëm eng kéier aus der Moud komm ass an dann nei Softwaren drop solle lafen, déi dann awer méi schwéierfällg drop lafen. Also, och do muss et ëmmer nees adaptéiert ginn.

Ech wëll awer och nach eng kéier soen, dass ech och mat ganz ville Gemengepäpp a -mammen geschwat hunn iwwert deen heite Sujet. An déi sinn eigentlech ganz frou. Déi stelle sech eigentlech ganz gär mat breeder Broscht dohinner a soen den Elteren a soen den Enseignanten a soen de Schülerinnen an de Schüler: „Jo, mir investéiere gär an informatesch Material. Mir hätt gär modern Schoulen a mir hätt gär, dass eis Schoulen net nëmme e flott Gebai hunn, mee och gutt bannendran ekipéiert sinn. An dozou gehéiert eeben och dat informatesch Material.“

Merci, Här President.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Educationminister Claude Meisch. Parole après ministre fir den Här Michel Wolter.

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mech wëllen deem uschlëssen, wat den Här Clement gesot huet, wann et ëm d'Digitaliséierung vun der Schoul geet, an zwar d'Digitaliséierung net am Sënn vun der Aart a Weis, wéi ech just e Computer behandeln, mee och d'Fro: Wat ass de Choix vun didakteschem Material, wat noutwendeg ass, fir Schoul ze halen?

Et gëtt gesot, an ech schlëssen dat net aus, dass eng Rei vu Buergermeeschteren der Meinung sinn, dass dat fir si ganz flott ass, wa si kënnen dat Material eraussuchen, wat an der Schoul da gebraucht gëtt, fir enseignéiert ze ginn. Ech verheemlechen awer net, dass et eng ganz Rei Buergermeeschtere gëtt, déi der Meinung sinn, dass si bei där Aufgab entre-temps total iwwerfuert sinn.

De Verweis op d'Autonomie communale, wat bréngt dee mir, wann ech net ka garantéieren, dass tëscht Rëmeleng an der Wemperhaart d'Schüler alleguerten am Land eigentlech mat engem Material, wat deem entsprécht, wat an der Schoul gebraucht gëtt, enseignéiert ginn? Wat bréngt d'Autonomie communale mer, wann deen ee Buergermeeschter dat eent keeft an en anere Buergermeeschter eppes aneres, deen ee ganz vill an deen anere ganz weineg?

Geet et also ëm d'Fro vun der Autonomie communale? Oder geet et ëm d'Fro, mat wat fir enge Moyene mer eis Kanner enseignéieren a wat fir eng Moyene mer hinnen zur Verfügung stellen?

Ech sinn e Buergermeeschter, deen der Meinung ass, dass ech total iwwerfuert sinn. Ech hu weder e Service informatique, deen do kompetent ass, nach déi néideg Moyenen. Ech stellen d'ailleurs och fest, am Gespréich mam Léierpersonal, dass et beim Léierpersonal bal esou vill Meinung gëtt, wat een da soll do zur Verfügung stellen, wéi Materialien, déi et gëtt.

Duerfir hunn ech als Buergermeeschter virun e puer Joer ugefaangen, mam Educationminister a Kontakt wëllen ze trieden, fir ze kucken, do eng Solutioun ze fannen.

Ech wëll ausdrécklech soen, dass déi Gemeng, wou ech Buergermeeschter sinn, net der Meinung ass, dass si net necessairement soll matfinanzéieren. Et kann ee souguer driwwer diskutéieren, dass mer et ganz finanzéieren. Et kann een awer och driwwer diskutéieren, dass de Staat, dee jo en fin de compte d'Schoulen, d'Primärschoulen alleguerten, iwwerholl huet, och en Deel do soll matfinanzéieren. Mee dorëm geet et mer eigentlech net.

Et geet mer haaptsächlech ëm d'Fro, ob mer et net musse fäerdegbréngen an deem Land iwwerall, an all de Gemengen, an deenen 102 Gemengen, eigentlech de Schüler dat selwecht Material zur Verfügung ze stellen, an dass dat Material eigentlech erausgesicht gëtt vun deenen, déi d'Schoul och dirigéieren.

An do sinn den CGIE, den CTIE eigentlech fir mech déi Outilen, déi dofir do sinn. Ech gesinn elo, dass

hei den Artikel 11 an deem Projet de loi soll geännert ginn, deen dem Centre, dann dem CGIE, eng Rei vu Moyene soll ginn.

Wat ech awer och feststellen, dass ass, dass d'Artikelen 10 an 13 aus deem Gesetz net geännert ginn.

Den Artikel 10 vun deem Gesetz, dee kloer an daitlech seet, dass de Kader vun de Missiounen vum CGIE sech op den « ensemble des administrations, services, écoles ou institutions qui sont placés sous l'autorité du ministre » bezitt. „École sous l'autorité du ministre“, dass ass d'Primärschoul ganz sécher, d'Spillschoul ganz sécher. D'Cyclen 1 bis 4 sinn haut ënnert der Autoritéit vum Minister. Dat Eenzezt, wat d'Gemengen nach ze maachen hunn, dass ass d'Zurverfügungstellung vun Gebai an eigentlech den Uschloss un de Réseau. Dat seet den Artikel 10. Dee gëtt net geännert.

Den Artikel 13 ass nach vill méi prezis. Den Artikel 13 seet nämlech a sengem zweeten Tiet: « La division „Informatique distribuée et support“ assure en collaboration étroite avec le Centre des Technologies de l'Information de l'État : 1) l'acquisition, » aquérir, kafen, « la gestion et l'inventaire d'équipements informatiques et bureautiques ».

Dat heescht, fir mech kënn et ganz kloer aus der kombinéierter Lektür vun den Artikelen 10 an 13 vum Gesetz vun 2013 - 13. Juni, mengen ech, 2013 -, d'Modificatif zu och deem Gesetz vun 1993 - et gëtt et säit aacht Joer -, eng Kompetenz, net nëmme eng Kompetenz um Niveau vum Eraussichen, mee och eng Kompetenz um Niveau vum Bezuele vun informatesche Material, och an de Primärschoulen.

De Minister huet dat bis haut refuséiert. An et ass dat, wat mech derzou bruecht huet, fir eigentlech heihinnerzekommen, wann e seet, all Partner misst mat op de Wee goen.

Den Här Minister weess, dass d'Gemeng Käerjeng e Prozess géint e lafen huet, well mir exactement gärten hätten, dass d'Artikelen 10 an 13 vum Gesetz esou applizéiert ginn, wéi de Legislateur se 2013 eigentlech gestëmmt huet. Dee Prozess wäert an deenen nächste Méint toiséiert ginn. An doraus ergëtt sech dann en fin de compte d'Antwort op d'Fro, ob et net awer en enger zentraler Stell beim Staat ass, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, fir zoustänneg ze sinn - souwuel fir d'Eraussiche vu Material, wat fir e Material zur Verfügung gestallt gëtt a wien et bezitt.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wolter. Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Educationminister Claude Meisch.

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, aus den Ausféierung vum Michel Wolter geet ervir, dass mer do eng ënnerschiedlech Interpretatioun vun deenen Artikelen hunn. Déi huet derzou gefouert, dass mer eeben dat doten um Geriicht mussen tranchéiere loossen. Mir sinn dann natierlech och gespaant op d'Interpretatioun vum Geriicht, an da wäerte mer eis natierlech och dorunner halen.

Ech wëll awer nach eng kéier soen, dass et laut eiser Interpretatioun net d'Intentioun vum Legislateur war, fir déi doten Aufgab bei d'Gemengenautoritéiten ze drécken, dass et laut eiser Interpretatioun sécherlech war, dass mer genau dat maachen, wat och hei Virriedner gesot hunn, nämlech dass mer eng gemeinsam Consultance hunn, dass mer kucken, wat fir en Ekipement do kaaft gëtt, dass et dat Ekipement ass, mat deem d'Enseignanten dann och schaffen, wou mer och déi digital Programmer hunn, dass et wierklech zur Notzung an zu enger Plus-value kënn an d'Fro herno eeben net just beim Finanzement wäert landen.

Duerfir hu mir och elo hei keng aner Haltung, wéi mer se an deene leschte Joren ageholl hunn. An ech denken, dass dës Projet de loi déi dote Fro awer och nach eng kéier zousätzlech gekläert huet.

Ech erënneren awer nach eng kéier drun: Wann ee wëllt, och als Gemengen - an dat ass eng Invitatioun un de Syvicol -, mat der Regierung doriwwer schwätzen, dann ass dat sécherlech net nëmme eng Diskussioun, déi mam Bildungsminister ze féieren ass, dann ass et hei eng essenziell Fro vu Gemeengekompetenzen, vun Zoustännegkeeten, déi beim Staat oder bei de Gemeinde leien. Et ass och eng essenziell Fro vu Gemeengefinanzen. An da mussen déi Acteuren och mat un den Dësch kommen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Här Educationminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7658. Den Text steet am Document parlementaire 7658<sup>12</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7658 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**(Appel nominal pour votes par procuration)**

Domadder ass dës Projet de loi mat 37 Jo-Stëmme géint 23 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Guy Arendt), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Aly Kaes), Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

## 5. Discours de M. le Président

Domat si mer um Enn vun eiser éffentlecher Sitzung ukomm. Mir hu laang an aarbechtsräich Wochen a Méint hanner eis. An dës lescht Deeg waren erëm besonnesch intensiv. D'Sessioun 2020-2021 ass awer nach net eriwwer. Et sinn an deenen nächste Wochen nach eng Partie Kommissiounssitzungen an international Reunionen geplangt.

A genee wéi zejoert wësse mer net, wéi eng Iwwerraschungen d'Pandemie ronderëm de Covid-19-Virus eis nach bréngt. Mee mir wëssen, dass d'Chamber zu all Moment kann am Asaz sinn. Spéitstens am September gesi mer eis all erëm fir d'Adaptatiounen vum de Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie.

Ech hoffen, dass jiddereen an nächster Zäit awer och e bëssen zur Rou ka kommen. Ech wëll lech alleguer an all deenen, déi zur grousser Famill vun der Chamber gehéieren, aus der Administratioun, awer och aus de Fraktiounen a vun de Sensibilitäten, e grouse Merci soen, dass Dir all esou gutt a mat esou vill Asaz an Engagement zum gudden Fonctionnement vun der éischter Institution vum Land bäidrot.

Passt op lech op! Haalt lech un d'Reegelen! Loosst lech impfen, souwäit dat nach net geschitt ass! A bleift virun allem gesond!

Ech soen op dës Plaz nach jidderengem am Numm vun der ganzer Chamber en häerzleche Merci fir den onermiddlechen Asaz géint d'Héichwaasser, de Rettungsekippen, mee och all de Fräiwëllegen, Noperen, Famill a Frënn, déi hëllefen. Et huet eist Land, mee och eis Nopeschlänner plazeweis ganz uerg getraff.

De Biergerinnen a Bierger, déi vun de schlëmmen Iwwerschwemmungen betraff sinn, wëll ech eist déifst Matgefill ausdrécken. Hinnen alleguer wënschen ech vill Kraaft a Courage an dës schwéiere Stonnen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D'Sitzung ass opgehewen.

**(Applaudissements)**

**(La séance publique est levée à 15.37 heures.)**

